# DATESCHUTZERKLÄRUNG FIR D'BEREETSTELLUNG VUN DE VIN-BEZUNNE GEFIERSTAMMDATEN DUERCH D'VOLKSWAGEN GROUP INFO SERVICES AG FIR D'MARKE VOLKSWAGEN PKW, VOLKSWAGEN NUTZFAHRZEUGE, AUDI, SKODA, SEAT A CUPRA (VIN SPECIFICATIONS FOR REPAIR & MAINTENANCE)

Mat dëser Dateschutzerklärung informéiere mir Iech iwwer d'Veraarbechtung vun de perséinlechen Donnéeën duerch d'Volkswagen Group Info Services AG fir déi hei genannten Zwecker.

D'Volkswagen Group Info Services AG ass déi zentral Interface fir Mobilitéitsdate vu verschiddene Marken aus der Volkswagen Group. D'Bereetstellung vu VIN-bezunne Gefierstammdaten zu Ärem Gefier als Gestionnaire oder Besëtzer vum Gefier zum Zweck vun der korrekter Schuedbewäertung an der Ënnerstëtzung bei Reparatur- an Entretienbedierfnesser geschitt zentral iwwer eis.

Dës Bereetstellung vun Date kann entweder direkt un déi vun Iech als Besëtzer/Gestionnaire vum Gefier ausgewielt Garage oder de vun Iech ausgewielte Schuedbewäerter geschéien oder iwwer e Softawareubidder als Intermediaire/Datevermëttler, deen dës Donnéeë vum Volkswagen Group Info Services AG am Numm vun der vun Iech gewielter Garage, Versécherungsgesellschaft oder Schuedbewäerter ofrifft.

**A. Verantwortleche fir d'Dateveraarbechtung**

Verantwortlech fir d'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeë (kuckt Punkt D.) vun dëser Dateschutzerklärung ass d'Volkswagen Group Info Services AG. Dir kënnt eis ënner der follgender Adress erreechen:

Volkswagen Group Info Services AG
Berliner Ring 2
38440 Wolfsburg
Däitschland

gis-support@cariad.technology

Handelsregisternummer HRB 207876 (Amtsgeriicht Braunschweig)

Websäit: https://drivesomethinggreater.com/

**B. Dateschutzbeoptraagten**

Eisen Dateschutzbeoptraagte steet Iech als Uspriechpartner fir all dateschutzbezunn Uleiessen zur Verfügung. Wgl. riicht Är Ufroen un:

Dateschutzbeoptraagten vun der Volkswagen Group Info Services AG
Berliner Ring 2
38440 Wolfsburg
Däitschland

gis-privacy@cariad.technology

**C. Zweck vun der Veraarbechtung**

D'Volkswagen Group Info Services AG stellt bestëmmte VIN-bezunne Gefierstammdaten fir Gefierer vun de Marke Volkswagen PKW, Volkswagen Nutzfahrzeuge, Audi, Seat, Cupra a Skoda, zum Zweck vun der korrekter Schuedbewäertung esouwéi Entretien a Reparaturkäschte-/ Reschtwäertschätzung, un eng vun Iech als Besëtzer respektiv Gestionnaire vum Gefier

ausgewielt Garage, Versécherung oder e Schuedbewäerter bereet. Et ass dobäi méiglech, datt déi vun lech ausgewielt Garage, Versécherung oder Schuedbewäertung, e Softwareubidder beoptraagt huet, dee fir déi korrekt Schuedbeäwertung an/oder Ënnerstëtzung beim Reparatur- an Entretiensbedarf déi néideg Donnéeë bei der Volkswagen Group Info Services AG als zentral Interface fir Mobilitéitsdate vu verschiddene Marke vum Volkswagen Group ofrifft an opbereet.

D'Volkswagen Group Info Services AG empfänkt dobäi d'VIN-bezunne Gefierstammdate vun de Marke vun der Volkswagen Group a stellt dës Donnéeën dann als zentral Interface fir Mobilitéitsdate vu verschiddene Marke vun der Volkswagen Group un déi vun lech ausgewielt Garage, Versécherungsgesellschaft oder den Expert bereet oder un e Softwareubidder am dateschutzrechtlechen Optrag vun der Garage, der Versécherungsgesellschaft oder dem Schuedbewäerter.

**D. Datekategorien**

D'Volkswagen Group Info Services AG kritt déi follgend perséinlech Donnéeë vun der Volkswagen AG (Berliner Ring 2, 38440 Wolfsburg), Audi AG (Auto-Union-Str. 1, 85057 Ingolstadt), ŠKODA AUTO a.s. (tř. Václava Klementa 869, 293 01, Mladá Boleslav) a SEAT CUPRA, S.A.U. (Autovía A-2, km 585, 08760 Martorell) a gëtt dës un de respektiv déi uewe genannten Empfänger weider:

1. VIN,
2. Gefierstammdaten (z. B. Joer vum Modell, Nummer vum Modell, Transmissiounstyp, Brennstofftyp, asw.).

Vun ärem Vertragspartner kritt d'Volkswagen Group Info Services AG déi follgend perséinlech Donnéeë:

3. D'Kontraktnummer/-dokumentatioun fir de Kontrakt ofgeschloss tëscht lech an där vun lech als Besëtzer oder Gestionnaire vum Gefier ausgewielter Garage, Versécherungsgesellschaft oder Schuedbewäertung, fir sécherzestellen, datt nëmme VIN-baséiert Volkswagen Gefierstammdaten mat engem gültege Kontrakt zum Zweck vun der korrekter Schuedbewäertung, Entretien a Reparaturkäschte- /Reschtwäertschätzung u Garagen, Versécherungsgesellschaften oder Schuedbewäerter vun der Volkswagen Group Info Services AG bereetgestallt ginn.

**E. Juristesch Basis**

D'juristesch Basis fir d'Veraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën am Kader vun dësem Produit duerch d'Volkswagen Group Info Services AG ass:

D’Erfëllung vun dem duerch lech ofgeschlosse Kontrakt (Art. 6 Abs. 1 lit. b GDPR) iwwer d’Ëmsetzung vun enger Schuedbewäertung, engem Entretien oder enger Reparatur respektiv Reparaturkäschten-/Reschtwäertschätzung vum Gefier, mat där vun lech als Gestionnaire oder Besëtzer vum Gefier ausgewielter Garage, Versécherungsgesellschaft oder Schuedbewäerter, esouwéi dat berechtegt Intressi vun der Volkswagen Group Info Services AG (Art. 6 Abs. 1 lit. f GDPR).

D'Volkswagen Group Info Services AG ass déi zentral Interface fir d'Bereetstellung vu Mobilitéitsdate vu verschiddene Marke vun der Volkswagen Group an huet e berechtegt Interessi fir d'Donnéeën, déi vun de Marke vun der Volkswagen Group un d'Volkswagen Group Info Services AG iwwermëttelt ginn, zum Zweck vun der korrekter Schuedbewäertung, Ënnerstëtzung

beim Reparatur- an Entretiensbedarf a bei der Käschtenaschätzung vu Volkswagen Group Gefierer iwwer eisen Data Hub (https://drivesomethinggreater.com/) bereet ze stellen.

**F. Datenempfänger**

Är Donnéeë ginn de follgenden Datenempfänger virgeluecht, fir den uewen definéierten Zweck:

- Garagen, Versécherungsgesellschaften an/oder Schuedbewäerter (eegestänneg Verantwortlecher);
- Optragsveraarbechter vun der jeeweileger Garage, Versécherungsgesellschaft oder Schuedbewäertung, deen Dir als Gestionnaire respektiv Besëtzer vum Gefier ausgewielt hutt (z.B. Softwareubidder, Garagen oder Schuerbewäerter); an
- Optragsveraarbechter vun der Volkswagen Group Info Services AG.

**G. Datequell**

Mir hunn Är Donnéeë vun der:

- Volkswagen AG, Berliner Ring 2, 38440 Wolfsburg,
- AUDI AG, Auto-Union-Str. 1, 85057 Ingolstadt,
- ŠKODA AUTO a.s., tř. Václava Klementa 869, 293 01, Mladá Boleslav ,
- SEAT CUPRA, S.A.U., Autovía A-2, km 585, 08760 Martorell kritt.

**H. Späicherdauer**

Déi perséinlech Donnéeën, déi hei opgefouert sinn, ginn allgemeng net vun der Volkswagen Group Info Services AG gespäichert. D'Volkswagen Group Info Services AG stellt dës Donnéeën als zentral Interface fir Mobilitéitsdate vu verschiddene Marke vun der Volkswagen Group vun der jeeweileger Mark zum Zweck vun der korrekter Schuedbewäertung, dem Entretien an der Reparaturkäschte-/Reschtwäertschätzung un eng vun Iech als Gestionnaire respektiv Besëtzer vum Gefier ausgewielt Garage, Versécherung oder Schuedbewäertung, technesch bereet. Dës Bereetstellung vun Date kann dobäi iwwer e Softwareubidder geschéien, deen am dateschutzrechtlechen Optrag vun där vun Iech ausgewielter Garage, Versécherungsgesellschaft oder dem Schuedbewäerter, dës Date vun der Volkswagen Group Info Services AG ofrifft. Bei der Volkswagen Group Info Services AG ginn d'Donnéeë reng duerchgeleet an net gespäichert.

Aus kommerziellen a steierrechtleche Flichten zur Konservéierung, esouwéi aus Dateschutzgrënn (Rechenschaftsflicht), archivéiert d'Volkswagen Group Info Services AG nëmme revisiounssécher, datt engem Empfänger d'Donnéeë vum Produit "VIN Specification for Repair & Maintenance" (kuckt Punkt D.) fir eng spezifesch VIN op Basis vun engem spezifesche Kontrakt (Kontraktnummer/-dokumentatioun) zur Verfügung gestallt goufen, ouni dobäi déi ofgeleet Gefierstammdaten (kuckt Punkt D.) selwer ze späicheren.

**I. Är Rechter**

Dir kënnt Är Rechter géintiwwer der Volkswagen Group Info Services AG zu all Moment gratis ausüben.
Fir weider Informatiounen iwwer wéi Dir Är Rechter ausübe kënnt, besicht wgl. d'Websäit https://drivesomethinggreater.com/legal-notice/privacy-notice/data-hub.

**Recht op Informatiounen**

Dir hutt d'Recht op Informatiounen, d.h. eng Bestätegung doriwwer ze verlaangen, ob a - wa jo -, wéi eng Iech betreffend perséinlech Donnéeë veraarbecht ginn a wiem wéi eng Donnéeë weidergeleet goufen. Zousätzlech hutt Dir grondsätzlech d'Recht eng Kopie vun Äre perséinlechen Donnéeën ze kréien, déi vun eis veraarbecht goufen. Mir wëllen drop hiweisen datt Volkswagen Group Info Services AG, als zentral Interface fir Mobilitéitsdaten vu verschiddene Marke vun der Volkswagen Group, nëmmen d'Donnéeë technesch weidergëtt, awer net selwer späichert (kuckt Punkt H.).

**Recht op Korrektur**

Dir hutt d'Recht vun eis ze verlaangen, datt mir all onrichteg respektiv onkomplett perséinlech Donnéeën iwwer Iech verbesseren. Mir wëllen drop hiweisen datt Volkswagen Group Info Services AG, als zentral Interface fir Mobilitéitsdate vu verschiddene Marke vun der Volkswagen Group, nëmmen d'Donnéeë weidergëtt, awer net selwer späichert (kuckt Punkt H.).

**Recht op Läschen**

Dir hutt d'Recht d'Läsche vu perséinlechen Donnéeën iwwer Iech ze froen, wann d'Konditiounen, déi am Art. 17 GDPR festgeluecht sinn, erfëllt sinn. Duerno kënnt Dir dann zum Beispill verlaangen, datt Är Donnéeë geläscht ginn, wann se net méi fir déi Zwecker, fir déi se gesammelt goufen, néideg sinn. Ausserdeem kënnt Dir och d'Läschung verlaangen, wa mir perséinlech Daten op der Grondlag vun Ärer Awëllegung verschaffen an Dir dës Awëllegung widderrufft. Mir wëllen drop hiweisen datt Volkswagen Group Info Services AG, als zentral Interface fir Mobilitéitsdate vu verschiddene Marke vun der Volkswagen Group, nëmmen d'Donnéeë weidergëtt, awer net selwer späichert (kuckt Punkt H.).

**Recht op Aschränkung vun der Veraarbechtung**

Dir hutt d'Recht, d'Aschränkung vun der Veraarbechtung vun Ären Daten ze verlaangen, wann d'Viraussetzunge vum Art. 18 GDPR erfëllt sinn. Dëst ass zum Beispill de Fall, wann Dir d'Richtegkeet vun den duerch eis veraarbechte perséinlechen Donnéeë bestreit. Fir d'Dauer vun der Iwwerpréiwung vun der Richtegkeet vun de perséinlechen Date kënnt Dir d'Aschränkung vun der Veraarbechtung verlaangen. Mir wëllen drop hiweisen datt Volkswagen Group Info Services AG, als zentral Interface fir Mobilitéitsdate vu verschiddene Marke vun der Volkswagen Group, nëmmen d'Donnéeë weidergëtt, awer net selwer späichert (kuckt Punkt H.).

**Recht op Dateportabilitéit**

Wann d'Dateveraarbechtung op Basis vun der Zoustëmmung oder Kontrakterfëllung berout an och mat automatiséierter Veraarbechtung duerchgefouert gëtt, hutt Dir d'Recht dës perséinlech Donnéeën an engem strukturéierten, gängegen a maschinneliesbare Format ze kréien an un en anere Verantwortlechen ze iwwermëttelen. Zousätzlech hutt Dir d'Recht ze froen, datt d'perséinlech Donnéeën direkt vun eis un en anere Verantwortlechen iwwermëttelt ginn. Mir wëllen drop hiweisen datt Volkswagen Group Info Services AG, als zentral Interface fir Mobilitéitsdate vu verschiddene Marke vun der Volkswagen Group, nëmmen d'Donnéeë weidergëtt, awer net selwer späichert (kuckt Punkt H.).

**Widdersprochsrecht**

Souwäit mir perséinlech Donnéeën op Basis vu berechtegten Interessie veraarbechten, hutt Dir d'Recht aus Grënn, déi sech aus Ärer spezieller Situatioun erginn, zu all Moment géint d'Veraarbechtung vun dësen Daten Widdersproch anzeleeën. Wa sech Äre Widdersproch op

d'Dateveraarbechtung fir Direktmarketingzwecker bezitt, hutt Dir en allgemengt Recht op Widdersproch, dee mir ouni Ugab vu Grënn ëmsetzen.

**Widderruffsrecht**

Wann d'Dateveraarbechtung op enger Zoustëmmung baséiert, hutt Dir d'Recht, Är Zoustëmmung zu all Moment gratis mat Effekt fir d'Zukunft zréckzezéien, andeems Dir eng E-Mail u gis-support@cariad.technology schéckt.

**Hiweis geméiss Art. 11 GDPR**

Mir weisen drop hin, datt mir als Volkswagen Group Info Services AG a ville Fäll déi zousätzlech Gefierbenotzer vun engem Gefier, respektiv den Haaptgefiernotzer guer net identifizéiere kënnen an datt mir geméiss Art. 11 GDPR net dozou verflicht sinn, zousätzlech Informatiounen ze sammelen oder ze veraarbechten, fir betraffe Persounen z'identifizéieren.

Wann Dir Rechter géint eis ausüübt, musse mir Är Eegenschaft als betraffe Persoun am Sënn vun der GDPR entspriechend iwwerpréiwen a kënnen Iech no weideren Informatioune froen, wann néideg. Dëst garantéiert och, datt mir beim Erausgi vu perséinlechen Donnéeë keng Rechter vun Drëtte verletzen däerfen.

**Automatiséiert individuell Entscheedungen**

Et ginn keng automatiséiert Entscheedunge am Sënn vun Art. 22 GDPR getraff.

**Recht op Reklamatioun**

Dir hutt och d'Recht, Iech bei enger Iwwerwaachungsautoritéit iwwer d'Veraarbechtung vun Ären Donnéeën duerch eis ze beschwéieren. Déi zoustänneg Iwwerwaachungsautoritéit fir d'Volkswagen Group Info Services AG ass:

De Landesbeoptraagte fir Dateschutz Niedersachsen,

Prinzenstraße 5,

30159 Hannover,

poststelle@lf.niedersachsen.de.

Stand Dezember 2025